



Groupe parlementaire

N°151
Entrée le 08.01.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.01.2024
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. Januar 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomiesminister weiderzeleeden.

Enn Dezember d'lescht Joer krute Cliente vu POST-Telecom e Mail, datt si mat "Protection Mail" während den nächste sechst Méint gratis en zousätzleche Sécherheetszerwiss zur Verfügung gestallt kréien. Dobäi soll et sech zu engem ëm e Spamfilter an op där anerer Säit ëm en Antivirus handeln. Falls si sech während der Zäit net aktiv bei der Post mellen, hunn si de Zerwiss duerno automatesch fir zwee Euro de Mount abonéiert.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Ekonomiesminister gär dës Froe stellen:

- 1) D'Cliente goufen den 20. Dezember iwver "Protection Mail" informéiert, obwuel dës dem selwechte Mail no schonn am Oktober aktivéiert gouf. Wéi wierkt sech dës Verzögerung op d'Asprochsméiglechkeete vun engem dauerhaften Abonnement vu "Protection Mail" aus? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang präziséieren, ob a wéi et rechtlech mam Konsumenteschutz vereinbar wier, de Leit sechs Méint Zäit ze ginn, fir ze widderspriechen, awer se réischt zwee Méint nom Start vun deem Delai ze informéieren?
- 2) Kann den Här Minister elaboréieren, ewéi eng zousätzlech Zerwisser "Protection Mail" vis-à-vis vu standardiséierte Sécherheetsmoosname bitt, déi all E-Mail-Ubidder gratis zur Verfügung stellt, fir déi entspreichend Zousazkäschte fir d'Clienten ze begrënnen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°151 du 8 janvier 2024 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet du service « Protection Mail » de POST Luxembourg

Cybergrëff ginn ëmmer méi komplex a méi raffinéiert. E klasseschen Anti-Virus Programm ass eng minimal Léisung, mee protegéiert net komplett an et ass domat och net méiglech déi sëllege Spam-Mailen erauszefilteren.

POST Lëtzebuerg erkläert op Nofro hin dass d'Aktivatioun vun der Basisversioun vum Service "Protection Mail" an e puer Welle vun Oktober 2023 u néideg war, fir op dat massiivt Benotze vun "@pt.lu" Mail-Adresse fir Cybergrëff ze reagéieren, gréissere Schued duerch Phishing Campagnen ofzewenden, an ze verhënneren dass dës Mail-Adresse vun aneren Operateuren a Serviceubidder géifen op schwaarz Lëschte gesat ginn.

POST Lëtzebuerg huet decidéiert dës Basisversioun gratis unzebidden, och iwwert déi sechs Méint eraus, ouni dass de Client dofir eppes maache muss.

Fir Clienten, déi di bescht méiglech Protektioun wëllen hunn, virun allem fir d'Erkenne vu Phishing, proposéiert POST Lëtzebuerg déi avancéierter Versioun vun "Protection Mail" fir 2 Euro de Mount. Fir dës Optioun gëtt de Client explizit vu POST Lëtzebuerg ëm seng Zoustëmmung gefrot.

POST Lëtzebuerg proposéiert eng Léisung, déi wäit iwwert de Minimum, dee gratis ugebuede gëtt, erausgeet an d'Clienten nom neiste Stand vun der Technik virun all Zorten vun Phishing a Spam-Mailen schützt. Dat setzt den Asaz vun zousätzleche Servicer a Software viraus, déi duerch déi néideg Softwarelizenzen a Personalkäschten e Käschtepunkt duerstellen.

Luxembourg, le 01/02/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles